N° 8058
Entrée le 28.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

**Äntwert vum Wunnengsbauminister op d'parlamentaresch Fro n°8058 vum 5. Juni 2023 vum Här Deputéierten Marc Lies an vun der Madamm Deputéiert Elisabeth Margue betreffend d' « achat de projets privés par l'État ».**

Et ass richteg, dat de Staat an Diskussiounen ass fir verschidde Wunnengsbauprojeten an der Vefa opzekafen. Et handelt sech dobäi ëmmer ëm Projeten déi konform sinn zum Cahier des Charges fir erschwénglech Wunnenge vum Wunnengsbauministère.

Esou laang awer keen definitive Kafvertrag ënnerschriwwe gouf kann d'Regierung keng weider Detailer zu den eenzele Projete matdeelen. Alles anescht géing géint déi géigesäiteg Confidentialitéitsklausel verstoussen.

Natierlech wäert d'Regierung no der Ënnerschrëft ënnert déi Acten d'Chamber iwwert all Detail informéieren.

Doriwwer eraus ginn all dës Wunnengen entweder vum Fonds du Logement oder vun der SNHBM am Optrag vum Staat geréiert. Déi zwee ëffentlech Promoteuren applizéieren dofir dann och d'Reegele vum 1998er Reglement an de Regime vun der «Location abordable» ewéi am Gesetzesprojet 7937 virgesinn, wann dëse bis a Kraaft getrueden ass.

Bei de Frais d'Enregistrement gi keng Ausname gemaach zu dem normale Regime deen applikabel ass, wann de Staat Immobilië keeft.

Lëtzebuerg, den 28/06/2023.
De Wunnengsbauminister.
(s.) Henri Kox

Tour Alcide de Gasperi
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84819
Fax (+352) 247-84840

www.gouvernement.lu/mlog
www.logement.lu